ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- Liewensschutzorganisatiounen, déi souwuel d'Fraen an d'Meedercher an aneren Ëmstänn wéi och dat ongebuere Liewen am Bléck hunn, kaum vum Staat ënnerstëtzt ginn;
- esou Liewensschutzorganisatiounen een onverzichtbare Bäitrag fir d'Gesellschaft leeschten an datt hir Hëllef fir Fraen, déi trotz finanzieller, psychologescher oder materieller Nout ee Kand op d'Welt bruecht hunn oder brénge wëllen, net héich genuch anzeschätzen ass;

ass sech bewosst, datt

- dës Organisatiounen domat eng Aufgab erfëllen, déi de Staat sollt ënnerstëtzen;

fuerdert d'Regierung op,

- grousszügeg finanziell Hëllefe fir Liewensschutzorganisatiounen am Staatsbudget ze verankeren.